

Virwuert

D'Piraten trieden no de Chamberwalen 2013 an den Europawalen 2014 dëst Joer elo fir eng éischte Kéier a 6 Proporzgemenge fir d'Gemengerotswalen den 8. Oktober 2017 un, esou och zu Kielen.

Ons Visioun vu Modern, Fair an Transparent wëlle mir hei an der Kielener Gemeng duerch direkt Demokratie erméiglechen. Mir wëllen dëst duerch eng online Plattform mat verschiddene Funktionalitéiten erméiglechen (c.f. onse Punkt 1.1). Donieft engagéiere mir eis mat Hëllef vun engem real-time Notifikatioun System, ons Stemm am Gemengerot am Numm vun der Majoritéit vun den interesséierte Bierger aus ze riichten.

Onse Programm representéiert déi aktuell Problematiken déi mir an der Gemeng feststellen. Et gi bestëmmt nach vill aner Projeten déi mir net erwäant hunn an déi wichteg sinn. Drot der Evolutioun vun der Gesellschaft mat ärer Reaktioun bei.

Eiser Meenung no feelt et och däitlech u Visiounen, wat d'Zukunft vun onser Gemeng ugeet. Mam Projet Elmen zum Beispill versprécht een sech vill, allerdéngs si mir der Meenung, datt eis Gemeng prioritär den Trafic muss an de Grëff kréien. Mir Piraten sinn der Iwwerzeegung, datt mir mat frëschen Iddien eist dozou bäidroen kënnen, fir Kielen net nëmme méi Bierger frëndlech a participativ, mee och fit fir d'Zukunft ze maachen.

Mir géifen eis iwwert är Ënnerstëtzung den 8. Oktober freeën,

PiratePartei Sektoun Kielen

PROGRAMM KIELEN

1. Abanne vum Bierger an d'Gemenge Politik

- 1.1. Den E-Buet, eng néi online Plattform fir de Bierger
 - Dës Plattform gëtt opgedeelt a verschidden Ënnergruppen, déi wichtegst dräi vun deene sinn d'Kommunikatioun, d'Diskussioun, an d'aktiv Participatioun.
 - D'Kommunikatioun publizéiert dann:
 1. aktuell Diskussiounen am Gemengerot,
 2. Demande fir Baugenemegungen
 3. *Avis au Public* mat de Beobachtungen an Oppositione vun de Bierger
 4. e komplette komparativen Tableau tëscht den aktuellen a projezéierten Ausgaben,an erlaabt dem Bierger sech iwwert déi verschidden Inhalter auszudrécken. Dëst wäert d'Leit mat ähnlechen Visiounen ze verbannen.
 - D'Diskussioun gëtt ënnert der Forme vun engem Forum gemaach,
 - D'aktive Participatioun erméiglecht et Elementer op der Dagesuerdnung vum nächste Gemengerot ze proposéieren an hir Positioun op e spéidere Vote am Conseil auszudrécken. D'Positioun vu méigleche Pirate Setzer steet fir d'Majoritéit vun den aktive Bierger .
 - Mir wëllen ee Kommunikatiouns-Officer schafen, dee sech ëm d'Kommunikatioun vun der Gemeng souwuel am E-Buet wéi och op de sozialen Netzwierker këmmert.
- 1.2. Fir gréisser Bauprojeten auszeschaffe muss alle Bierger d'Méiglechkeet gi sinn un de verschiddene Reuniounen aktiv deel ze huelen
- 1.3. .DOK Gemeng Kielen. De Programm vun der Kielener Emissioun gëtt fir all Bierger an Associatioun zougänglech gemaach. Hinne gëtt d'Méiglechkeet ginn de Contenu matzebestëmmen.

2. Verbessere vun der Liewensqualitéit an eiser Gemeng

- 2.1. Mobilitéit
 - E Ruffbus duerch ons Gemeng, deen och bis op Mamer Gare, de Wandhaff an d'Belle-Étoile fiert. Néi Destinatioune kennen duerch den E-Buet virgeschloe ginn.
 - De Verbuet vun Transitverkéier duerch d'Citée (Schëld „Allgemengt Fuerverbuet“) muss an Zukunft méi kontrolléiert ginn.
 - Neie Parking zu Kielen: als P+R amenageieren,
 - Mir setzen eis a fir den Transitverbuet vu Camionen tëschent der A7 an der A6.
 - Mir wëllen d'Konzept vum Car-sharing, wa méiglech mat den Nopesch Gemengen, an d'Weeër leeden.
 - Beim Kielen Night-Rider, soll een d'Recht op een zousätzleche Passagéier fir op déi selwecht Destinatioun hunn. Dee Passagéier muss net an der Gemeng wunnen.
- 2.2. Een Dag an der Woch soll de Biergerzenter op der Gemeng bis Oves 19h00 op sinn.
- 2.3. Esou vill ewéi méiglech administrativ Demarche sollen elektronesch erméiglecht ginn.
- 2.4. An der Gemeng Kielen sinn an de leschte Joer vill erhalenswäert Gebaier ewech gerappt ginn ouni Récksiicht op hier Geschicht oder Architektur, obwuel an deene meeschte Fäll eng Méiglechkeet gewiescht wier fir de Charakter vum Duerf ze erhalen. Zum Beispill hätt ee kënnen d'Baussestruktur vun deenen Haiser erhalen, an se nëmme vu banne renovéieren, fir se op deen haitege Stand ze bréngen.

- 2.5. Am Beräich Ëmwelt an nohalteg Entwécklung setze mir eis a fir d'Erreeche vun engem gudden ökologeschen Zoustand vun eise Baachen a Flëss; dëst duerch d'Ausweise vun Drénkwaasserschutzzonen, d'Ausweise vu pestizidfräie Flächen, d'Ausféiere vu Renaturéierungsprojeten, d'Sanéierung vun Ofwaasserkollekteren a Kläranlagen, d'Aféierung vum Ofwaassertrennsystem iwverall an eiser Gemeng, asw. Mir ënnerstëtzen och aner Projeten am Ëmweltberäich déi zu méi Biodiversitéit an Aartevillfalt bäidroen.

3. Infrastruktur

- 3.1. Erneuerung vum Stroossebelag a verschiddene Citéen. Mir wëllen e Budget stëmme mat deem etappeweis deen ale Stroossebelag gefrääst gëtt an erneiert gëtt. Während desen Aarbechte soll en Trennsystem agefouert ginn an domadder d'Reewaasser getrennt vum Schmutzwaasser oflafen.
- 3.2. Toilette fir Hënn amenagéieren, zu Ollem kéint déi eventuell am Rond-Point sinn.
- 3.3. Duerch néi Konzepter an Iddie wëlle mir déi verschidden Duerfzentre méi aluedend gestalten, ëffentlech Plaze mat Bänke schafen an deenen d'Mënschen sech begéinen.
- 3.4. Mir proposéieren ee Lokal zur Verfügung ze stelle wou Veräiner hir Comité's Sëtzunge maache kennen, oder Material lagere kennen.
- 3.5. D'Konzept vun der mobiller Buvette (PEKI) an dem Spullweenche soll mat enger mobiller Toilette erweidert ginn.
- 3.6. Plaze siche wou sech Foodtrucken niddersosse kennen an der ZI Kielen.
- 3.7. Opstelle vu Salzbecken duerch ons verschidden Dierfer.
- 3.8. Kollaborative Shop mat Automaten opmaachen an deem lokal Produzenten hir Wuerouni Intermediaire verkafe kennen. Beispill : <https://www.youtube.com/watch?v=3xGei2detMY>
- 3.9. Stelle vu Gemenge Grondstécker fir Geméisgäert ze maachen, respektiv e Gemenge Geméisgaart opbauen an deem jiddereen hëllef an akafe kann.
- 3.10. Kreatioun vun engem CIGL Service, wei zu Stengefort.

4. Kanner a Fräizäit

- 4.1. Mir proposéiere Spillplaze vu Schoulen a Maison Relais'en ausserhalb vun Ëffnungszäite fir de Public zougänglech maachen. Vill vun eise Spillplaze sinn net fir déi ganz kleng adaptéiert (manner wéi 4 Joer), mir wëllen och hinnen Spillplazen zur Verfügung stellen.
- 4.2. Mir setzen eis an fir e séchere Schoulwee, eng optimal Kannerbetreiung, d'Organisatioun vu Kanner- a Jugendaktivitéiten a fir eng flott Offer un Infrastruktur fir all Alterskategorie.

5. Finanzen a Stéieren

- 5.1. Eng Senkung vun der Gemengesteier fir déi Bierger déi Servicer vu Gesellschaften aus eiser Gemeng notzen.
- 5.2. Ofschafe vun der fixer Stéier fir d'eidel maache vun der Poubelle andeems mir de Präis vum kg liicht an d'Luucht setzen. Gemengenaarbechter si souwisou bezuelt an de Camion fiert och jo och do. Dës Tax ass net begrënnt, eng Gemeng ass keng privat Gesellschaft déi um Réck vun de Bierger muss Sue maachen.
- 5.3. An eiser Gemeng gëtt et eng grouss Méiglechkeet, méi onofhängeg vum Drénkwaasser vun Esch-Sauer ze ginn. Mir sinn der Meenung, datt mer déi bestoend Quellen an de Fokus huele sollten.
- 5.4. D'Senkung vun de Mengenausgaben ass duerch fërdere vun elektroneschem Courier méiglech

6. Tourismus

- Internet Präsenz verbessern,
- E Guide fir *worth to see* an der Gemeng opstellen,
- *Maisons an tables d'hôtes* promouvieren,
- Sichen no enger Platz fir en Camping opzemaachen